# Rapport Commission Jeunes
# 13.04.2026

Présents : Romain Engels, Suzie Godart, Laurent Hübsch, Guy Kruchten, Claude Magar, Serge Raach, Marco Schmit, Marco Schmitz, Lex Schroeder
Excusés : Dan Wiseler

1) <u>Neie Member</u>
De Laurent Hübsch vun der Hirondelle Schëtter ass bei der Generalversammlung als neie Member an d'Commission Jeunes gewielt ginn a stellt sech kuerz vir.
Ideal wier et, wann all Veräi mat Vëlosschoul duerch e Member an eiser Kommissioun vertruede wier.

2) <u>Leschte Rapport a Rapporte vun de Coursen</u>
De Rapport vum 16.3.20226 gëtt eestëmmeg gutt geheescht a kann online gesat ginn. Dobäi gëtt bemierkt, datt déi lescht Rapporten nach net um Site vun der Federatioun publizéiert sinn, eise Präsident haakt nach emol no.
D'Suzie Godart mécht e kuerze Rapport vun den Epreuves Jeunes vu Réiden, wou 148 Kanner um Start waren (105 Jeunes an 43 Minimes/Cadets); Detailer an de Rapport selwer sinn um Site FSCL nozeliesen.
Och an dësem Fall ass de Site vun der FSCL net à jour an de Lex Schroeder freet och dat no.

3) <u>Planning nächst Coursen</u>
De Lex Schroeder ass nach net fit genuch, a gëtt zu Kayl duerch d'Suzie Godart an zu Schëffleng duerch de Marco Schmitz ersat. Bei béide Coursen ass de Guy Kruchten nach zousätzlech derbäi fir d'Kader Placken ze verdeelen. De Laurent Hübsch wäert als neie Member zu Kayl / Téiteng derbäi sinn, fir sech e Bild ze maachen iwwert d'Aarbecht vum Delegéierten.
Den 9.5 zu Dippech wäert de Lex Schroeder dann Delegéierte sinn, an d'Suzie iwwerhëlt d'Reserve.
Et feelen nach Infoen zu der Course vu Perl (D) de 24.5, och dat wäert de Lex Schroeder bei der FSCL nofroen.

4) <u>Entrevue mat dem Florian Salzinger</u>
De Guy Kruchten hat Donneschdes den 9.4.2026 ee Rdv mat dem Florian Salzinger bei deem och d'Suzie Godart präsent war a mécht e kuerze Rapport, deen och hei am Unhang nozeliesen ass.

5) <u>Demande vun den Trailhunters fir eventuell Modifikatioun vun hirer Epreuve Jeunes</u>
De Club vun den Trailhunters soll op dem Datum vun hirer Epreuve Jeunes den 11.7.2026 eventuell e gréissert Event um Belval ausriichten a freet do och d'Epreuve Jeunes ze maachen. (Sollten si awer net déi néideg Sponsor Gelder opdreiwen, wäerten d'Epreuves Jeunes wéi geplangt zu Miersch sinn.)
D'Membere vun der Kommissioun hu kee Problem domat, schloen awer vir dee Moment e Parcours d'Adresse ze maachen, wëll um Belval net deen néidegen natierlechen Terrain zur Verfügung ass, wéi am Reglement festgehal.

6) <u>Addendum Reglement a Minimes/Cadets</u>
De Claude Magar huet am Addendum nach e Saz bäigesat, wat d'Präisverdeelung ugeet. An Zukunft ginn d'Präisser just nach un d'Kanner verdeelt, déi selwer do sinn, oder awer un e Vertrieder vum Veräin. Et gëtt näischt méi nogeschéckt!
Den Addendum gëtt och op dem Site vun der FSCL publizéiert.

Wat d'Kategorie Minimes a Cadets ugeet, gëtt kee Generalklassement "Kichechef Trophy" erstallt. D'Kommissioun proposéiert awer der Federatioun, d'Resultater vun den Epreuve fir de "Youth Cup" ze wäerten. An deem Fall géif d'Startopstellung bei dëse Coursen och no dësem Klassement gemaach ginn.

7) <u>Flyer Vëlosschoulen</u>
Wat dee geplangte Flyer fir d'Virstellung vun alle Vëlosschoulen ugeet, hëlt de Romain Engels dat elo an d'Hand a kontaktéiert déi eenzel Veräiner, fir dat mir och do endlech viru kommen.

8) <u>Divers</u>
- Fächer vir d'Vëlosschoulen: de Florian Salzinger huet proposéiert zousätzlech zum Fächer Technikofzeechen (där sinn nach genuch do), éischter e plastifizéierte Fächer am Style vun dem Fächer deen d'Suzie Godart fir d'Schoule gemaach hat, deen och fir Leit ze benotze wier, dat keng Experte sinn. D'Suzie mécht eng inhaltlech Propos a freet och eng Präisofferte fir esou e Waasser bestännege Fächer.

- Informatiounen iwwert d'Epreuves Jeunes mussen och tëscht de Federatiounen (FLTri, FLA an FSCL) besser zirkuléieren; de Marco Schmitz huet bei enger Begéinung mat Leit vum CSN festgestallt, dat vill Jonker aus anere Federatioune mol gäre géifen un eisen Epreuven deelhuelen, et awer net gewosst ass, datt si bis zu 3 Coursen ouni Lizenz fueren dierfen. Hei gëtt och virgeschloe fir sech emol mat de Jugendkommissioune vun FLA an FLTri ze treffen, fir eventuell eng Konventioun tëscht dëse Federatioune fir d'Participatioun un deene verschiddenen Epreuven ze erliichteren.
- D'Beachflag an de Calicot vum Kichechef sinn nach op der Cap, d'Suzie geet se dohi sichen a bréngt och dem Här Hilgert d'Flyere vun den Epreuvë fir am Kichechef auszeleeën. (All Membere verdeelen och Flyeren an de Vëlosbutteker vun hirer Regioun asw.)
- Et gëtt nach keng Infoe säitens der FSCL, wat d'Spillfest, den Olympiadag an de Wibbel an dribbel ugeet: eise Präsident freet och do nach emol no, fir datt Leit déi hëllefen Zäit genuch hunn, Congé de Jeunesse unzefroen.

Déi nächst Versammlung ass Méindes de 04 Mee 2026 um 19.00 Auer um Boy Konen